



dame Joëlle Elvinger, d'Wuert gi fir de Rapport vum Projet de loi 6651 fir en neie Radiokommunikationssystem fir d'Services de sécurité.

13. 6651 - Projet de loi relative au financement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), rapportrice.- Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, de Gesetzesprojet 6651 betreffend de Financement vum Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois, kuerz gesot RENITA, ass de 6. Februar 2014 vum Premier- a Statsminister Xavier Bettel déposéiert ginn.

Um Text vum Projet de loi war en Exposé des motifs, e Commentaire des articles an eng Fiche financière annexéiert. Den 22. Abrëll 2014 gouf ech als Rapporteur an der Finanz- a Budgetkommission genant an den 29. Abrëll huet d'Kommission den Rapport ugehol.

De RENITA ersetzt den heitege RIFO. De RIFO baséiert op fénnef Antennen uechter d'Land, déi zu Diddeleng, um Waldhaff, Pfaffenberg-Oswiler, Heiderscheid an Housen stinn. E baséiert op analoger Technologie. An dëse Réseau besteet säit de 70er Joren an ass Enn der 90er Jore moderniséiert ginn. Mä e séchere Cryptage vun de Kommunikatiounen ass net méiglech. De RIFO entsprécht och net méi den internationale Kommunikationsstandarden an d'Interoperabilitéit mat de Réseaux vun eisen Nopeschlänner ass net méi garantéiert. De Réseau vum RIFO ass also op sengem Liewensenn ukomm an et ginn och nach kaum Ersatzdeeler fir dëse Réseau.

An eise digitalen Zäitalter ass et wichteg, dass deen neie Réseau agefouert gëtt, en digitale Réseau also, fir dass eis Rettungsdéngschter an d'Servicer, déi fir d'Sécherheet am Land zoustänneg sinn, méi optimal, effikass a sécher funktionéiere kënnen. An natierlech och en vue vun der Présidence vum EU-Conseil am zweete Semester 2015.

Den aktuellen analoge Réseau gëtt also duerch en digitale Réseau ersat. De RENITA wäert op Basis vun der Technologie TETRA funktionéieren. TETRA steet fir „Terrestrial Trunked Radio“ an ass eng harmoniséiert europäesch Norm. D'Reseau vun eisen Nopeschlänner Däitschland, Frankräich a Belsch funktionéieren och op Basis vun där Technologie TETRA. De RENITA ass an éischter Linn geduecht, fir d'Servicer vun der Douane, de Ponts & Chaussées, d'Rettungsdéngschter, Pompjeeën a Protection civile, d'Armée, d'Centres de communication vun der Regierung, den Haut Commissariat de la protection nationale, d'Police an de SREL. An insgesamt wäerten eng 11.500 Benotzer den neie Réseau benotzen.

De RENITA deckt de gesamten Territoire vun eise Land of a funktionéiert och a Bëscher an Autobunnstunnelen, an Eisebunnstunnelen a wäert och bannen an de Gebaier funktionéieren. Ongeféier 75 Basisstationen wäerten néideg si fir de Fonctionnement vum RENITA. An d'TETRA-Technologie erlaabt et och, eng Kommunikation innerhalb vun nëmmen 0,3 Sekunden opzestellen. Dat ass extrem séier an ass méi séier wéi eng GSM-Kommunikation. TETRA funktionéiert mat engem „Push to talk“, dat heescht, dass eng Kommunikation ka mat engem eenzege Knäppchendrock hiergestallt ginn. D'Benotzer kënnen sougenannte Groupes d'appels organiséieren. A wann een Terminal net funktionéiert, kann en aneren Terminal als Relais geholl ginn.

De Cryptage vun de Kommunikatiounen ass och ganz sophistiquéiert. An et ass och méiglech, SMSen iwwert de RENITA ze verschécken. De RENITA iwwerdreit Donnéeën vu Persounen, notament wat d'Géolocalisation vu Persounen ugeet. An dëse Réseau verspricht eng héich Frequenz, déi et erlaabt, dass de Réseau net bei enger technescher Pann zesummebrécht. Den neien digitale Réseau RENITA ass en aussergewöhnlechen a komplexe Projet. An dofir ass bei der Ausschreibungsprozedur virgesinn, dass de Projet sech op en Zäitraum vu 15 Joer, vu mindestens 15 Joer ausdehne soll.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Ech wëll och hei drop hiweisen, dass am schréffleche Rapport, deen an der Kommission vum 29. Abrëll ugehol ginn ass, eng kleng Erreur matérielle virkonn ass, an zwar

am zweete Paragraph vum Artikel 1, do steet, dass de Kontrakt bis den 30. Juni 2013 leeft, anstatt bis den 30. Juni 2030. Dëse kleng Feeler ass awer schonn an deem Rapport, dee gedréckt ginn ass, verbessert ginn.

De Stat huet och keng richteg Erfahrung, wat d'Ausschreiwunge fir esou grouss Projeten oder Projete vun deem Typ vum RENITA ugeet, an dofir war et och schwéier anzuschätze fir d'Regierung, wéi eng vun deene verschiddenen technesche Léisungen déi richtegst an adaptéiert wär.

De 24. Abrëll 2012 huet d'Chamber eng Motion adoptéiert, an där se d'Regierung invitéiert huet, d'Ausschreibungsprozedur ze lancéieren, fir d'ekonomesch Acteuren ze invitéieren, fir hir Offeren ze maache fir d'Conception, d'Installation an d'Maintenance vum neien digitale Réseau.

Duerch en Arrêté ministériel vum 20. November 2013 ass de Marché public un de Groupe Connectcom an d'Post vergi ginn. Et ass allerdéngs eng express Reserv virgesinn, dass de Kontrakt eréischt kann ënnerschriww ginn, wann d'Finanzéierungsgesetz vun der Chamber gestëmmt ass.

D'Regierung huet decidéiert de Kontrakt fir den Déploiement an d'Exploitation vum neie Radiokommunikationsréseau mat engem privaten Investisseur anzegoen, ënnert der Form vun engem sougenannte Private Public Partnership, engem PPP also. De PPP huet eng ganz Rei vu Virdeeler, well d'Technologie immens komplex ass. Wat eleng d'Personal ugeet, wäeren 33 Posten an Eegeregie néideg, fir d'Iwwerwaachung vum Réseau an eng Assistance 7 Deeg op 7 a 24 Stonnen op 24, fir all d'Benotzer vum neien digitale Réseau ze garantéieren. Am Kader vum PPP richt den Opérateur de Réseau op an de Réseau gëtt exklusiv vum Pouvoir adjudicateur, also vum Stat benotzt a vun deene Benotzer, déi vum Stat bestëmmt ginn.

D'Exploitation vum Réseau ass, wéi gesot, fir 15 Joer virgesinn. An den Opérateur bleift och Propriétaire vum Réseau an assuméiert domat all d'Risiken an d'Responsabilitéit, déi un d'Propriétéit gebonne sinn. De Stat huet awer eng Option d'achat op de Réseau. An duerch de PPP ass d'Stabilitéit an d'Zouverlässigkeet vum Réseau, wat immens wichteg an dësem Domän ass, garantéiert. Et ass och eng kontinuierlech Verbesserung vum Réseau virgesinn.

De 4. Abrëll 2014 huet de Statsrot säin Avis zu dësem Projet de loi ofginn an huet do zwou Oppositionen formelles formuléiert. Déi Éischt betrëfft d'Attribution vum Marché public. Hei huet de Statsrot virgeschloen, den Numm vun der Entreprise, déi de Marché attribuéiert krut, aus dem Gesetzestext erauszehuelen an d'Finanzkommission huet dës Propos och ugehol.

Déi zweet Opposition formelle huet d'Finanzéierung vum RENITA betrëfft. Hei huet de Statsrot virgeschloen, de Punkt c) vum drëtten Paragraph am éischten Artikel vum Gesetzesprojet ze sträichen, fir dass de Projet de loi konform soll sinn zum Artikel 99 vun eiser Verfassung. Och dës Propos ass d'Cofibu gefollegt.

De Stat iwwerhëlt och d'Käschte fir déi éischt Formation vum allen Benotzer vum RENITA.

Als Ofschloss géif ech dann och nach den Accord vun der DP-Fraktioun ginn zu dësem Gesetzesprojet an nach eemol betounen, dass d'DP et ausdrécklech begréisst, dass dëse Projet soll virun der Présidence agefouert ginn, och wann dat bis dohin aus Zäitgrënn, wat evident ass, just an enger liichter Versioun kann de Fall sinn.

Et ass immens wichteg, dass och de Stat mam technesche Fortschritt virugeet an dass d'Sécherheet an d'Zouverlässigkeet virun allem an dësem Domän vun de Sécherheets- a Rettungsdéngschter garantéiert bleift.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Merci der Madame Elvinger fir hire breetgefächerte Rapport an dësem ganz interessanten an zukunftssträchtige Secteur. Als éischten ageschriwwene Riedner rufen ech elo hei op d'Tribün den Här Deputéierte Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Madame Presidentin. Ech soe fir d'Éischt der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, Merci fir hire schréfflechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, dat Wichtegst virop, d'CSV wäert dëse Projet stëmmen. E geet och zum groussen Deel op déi fréier Regierung zrëck. An d'Chamber - muss ee soen - war och schonn 2012 mat agebonnen, nämlech krute mer de Projet an der Finanzkommission, deemools présidéiert

vum Här Wolter, virgestallt. A mir hunn och eng Motioun gestëmmt, wou d'Regierung eigentlech formell den Auftrag kritt huet, fir en Appel d'offres an dësem Dossier ze maachen.

D'CSV steet vum Fong hier zu deem Projet, well en ass am Interessi vun der Sécherheet vun de Bierger a vun eise Stat. An zweetens - d'Madame Rapportrice huet et och ënnerstrach - soll dee System operationell si fir d'EU-Présidence dat zweet Semester 2015, an dobäi geet et och ëm d'Image de marque vun eise Land, dass mer dee System kënnen hunn.

Et ass, wéi gesot ginn ass, de sougenannte RIFO-System, dee gëtt no laange Joren op eng nei Technik adaptéiert an dofir féiere mer dëse RENITA-System an, deen net nëmmen déi staatlech Servicer concernéiert vun der Police, Douane, iwwert de SREL, d'Armée, mä och déi gemengendirekt oder -indirekt raccordéiert Servicer, notament d'Pompjeeën an d'Protex, concernéiert.

De Gesamtkäschtepunkt - ech mengen, dat soll een och ënnersträichen -, dat sinn net nëmmen déi 37 Milliounen Euro, wat déi éischt Investitioun ass, mä do kommen och nach d'Fonctionnementskäschten derbäi. A wann een d'Fiche financière vun dem Gesetzesprojet kuckt, da komme mer um Enn vun der Lafzäit an dësem Projet, deen 2030 soll zu Enn goen, op e Gesamtschiffer vu ronn 120 Milliounen Euro.

Mir stellen och dee Chiffer net a Fro. Et muss een awer soen, dass eng ganz Rei rechtlech Problemer opgetaucht sinn a wou de Statsrot, mengen ech, an engem pingelegen Avis, mä zu Recht, eng Rei vu Froen opgeworf huet, wou och d'Finanzkommission sech dermat beschäftigt huet.

Et geet éischters emol ëm eng relativ strikt Liesaart, déi de Conseil d'État huet vum Artikel 99 vun der Verfassung, well de Statsrot huet gesot: Dir braucht e Spezialgesetz, net nimm fir de Projet selwer, well et e sougenannte Projet de grande envergure ass, deen iwwer 40 Milliounen Investissement erausgeet, mä Dir braucht och nach ee Spezialgesetz, well d'Lafzäit vun dem Projet sech op méi Exercice-budgétaires ausdehnt an dofir och dat finanziell Engagement vun dem Projet eng Loi spéciale am Sënn vum Artikel 99 brauch.

An, ech mengen, den Artikel 99, ënnert dem Contrôle hei vun dem fréiere President an dem jëtzege President vun der Institutionskommission, dee wäert op deene Punkten och do net ëmgeännert ginn an enger eventueller neier Verfassung. An dofir ass och déi Remarque vun dem Statsrot op deem Punkt gedeelt ginn.

Zweetens, an dat ass méi eng fundamental Remarque vun dem Statsrot, dat ass Folgendes: 2012 huet d'Chamber eng Motioun gestëmmt, fir dass d'Regierung kéint en Appel d'offres maachen, fir dee Réseau éischters a Platz ze setzen an och an enger zweeter Phas ze gëreieren.

2013 ass deen Appel d'offres gemaach ginn. An ënner verschiddenen Offren, déi als recevable ugesi gi sinn, ass dann déi vun, losse mer soen, dem Postkonsortium zrëckbehale ginn. Dat war vläicht net déi performantsten Offer, déi ofgi ginn ass, wéi een aus engem Uerteel vun dem Verwaltungsgericht erausliest, mä et war awer déi ekonomesch gënschtegste an, op gutt Lëtzebuerger geschot, déi bëllesten Offer.

An doropshin ass d'Regierung higaangen an huet dat heite Finanzéierungsgesetz ausgeschafft mat deenen entsprecheende Montanten aus der Offer vun dem Postkonsortium an huet och, esou wéi dat an der Soumission virgesi war, an dësem Finanzéierungsgesetz geschriwwen, dass d'Chamber d'Regierung autoriséiert, mat dem Postkonsortium e Kontrakt ofzuschléissen.

A grad do hat de Conseil d'État - net zu Onrecht - seng Problemer, well de Conseil d'État gesot huet: Majo, wann Dir an dem Artikel 1 vun dësem Finanzéierungsgesetz de Postkonsortium formell ernimmt, dann erlaabt dat jo engem eventuell zweete Submittent, also deen och eng Offer ofginn huet, iwwerhaupt kee Recours méi ze maache géint d'Soumission.

A grad dat ass geschitt. Well mir hunn - do läit d'Kromm an der Heck - de Moment e Recours, deen usäseg ass, vun engem Soumissionnaire, deem seng Offer net zrëckbehale gouf, well se net ekonomesch déi gënschtegste war, an deen dann eigentlech de d'Recours beim Verwaltungsgericht gemaach huet. Engersäits e Référé, e sougenannt Schnellverfahren, an anerersäits awer och e Recours um Fong.

Dat Schnellverfahren gouf - muss ech soen, Gott sei Dank, am Interessi vun dem Lëtzebuerger Stat - als net zouläseg zrëckgewisen. Mä mir hunn awer nach ëmmer e Recours au fond, deen unhängeg ass, wou een net weess, wéi en ausgeet, mä wat spillt ass virun allem den Zäitdélai. Well mir sinn an enger éischer Instanz an et kann och nach e Recours um Fong gemaach

ginn op der Cour administrative, also en Appel. A wat et zäitlech net méi géif erlaben, wann déi Soumission géif annulléiert ginn, fir de System da fristgerecht fir den 1. Juli 2015 operationell ze maachen.

Dofir wëll ech och am Numm vu menger Fraktioun soen, dass e Risiko besteet - dat muss een einfach soen -, dass déi Soumission, wou d'Post dann oder de Postkonsortium als éischten erausgaangen ass, ënner Émstänn kéint op dem Verwaltungsgericht annulléiert ginn. Wat natierlech da kéint dozou féieren, dass déi Offer, déi écartéiert gouf, kéint op zivilrechtlichem Plang géint de Lëtzebuerger Stat virgoen. Mä mir kënnen net waarden, well soss de System net operationell ass.

An ech wëll am Numm vun der CSV-Fraktioun hei ganz kloer soen, dass onofhängeg vun deem Risque, dee besteet, an ech mengen, wou mer och dozou stinn, dat Gesetz haut hei sollt gestëmmt ginn, fir dass engersäits deen neie System kann operationell sinn, och fristgerecht fir den 1. Juli 2015.

Sollt, par impossible, d'Post oder déi Soumission annulléiert ginn, da géife sech nämlech eng ganz Rei aner Froen stellen, notament déi vun deene Chifferen, déi mer hei an dem Finanzéierungsgesetz stoen hunn, well déi Chifferen, déi bezéie sech eigentlech exklusiv op dat, wat de Postkonsortium ofginn huet. An da wier an deem Fall, wann een dat bis zu Enn denkt, eigentlech och dat Finanzéierungsgesetz ouni Wäert. Well da misst da jo en neit kommen, wat op deen neie Submittent ausgeluecht wier. An aus all deene Problemer soe mir, dass d'Regierung hei sollt autoriséiert sinn, fir dee Kontrakt dann definitiv ze ënnerschreiven.

En drëtten Punkt ass deen, dass och ënnerstrach gouf, dass hei nientendelees den Investissementskäschten, nientendelees de Käschte vun der Gestiou vun dem Réseau, sech och déi sougenannte Frais de formation initiale stellen. Dat ass en net onerhebleche Montant. Firwat? Mä well - wéi d'Madame Elvinger dat virdru gesot huet - eng ronn 10.000 eenzel Opérateuren, Leit, déi dee System wäerte bedéngen, dovunner der ronn d'Halschent, dat heescht bal ronn 5.000 Leit, aus dem sougenannten erweiderte kommunale Secteur kommen. Dat sinn allegueren déi, wéi d'Pompjeeën, respektiv dann och d'Rettungsdéngschter, dat heescht d'Protex, déi dann och eenzel Terminaler kréien. An do hu mer mat Satisfaktioun zur Kenntnis geholl, dass, esou wéi den Text formuléiert ass, déi Käschte vun der Formation initiale exklusiv vun dem Lëtzebuerger Stat wäerte gedroe ginn.

Här President, oder Madame Presidentin - entschëllegt! -, véierten a leschte Punkt, dat ass dee vun der Formulatioun vun dem Gesetzestext, esou wéi en elo der Chamber virläit. D'Madame Elvinger huet, mengen ech, zu Recht drop higewisen, dass eigentlech an dem Text coordonné en lertum dran ass. Nämlech, dass beim Artikel 1 Alinéa 2 steet, dass: «...la durée du contrat de marché visé à l'alinéa 1^{er} s'étend de la date de sa prise de vigueur», dat wier am Prinzip den 1. Juli 2015, «jusqu'au 30 juin 2013». Dat kann eigentlech net sinn. Do misst den 30. Juni 2030 stoen. Dat trifft fir den Artikel 1 zou. Mä et trifft menger Uisicht no och nach eng Kéier am Artikel 3 zou, well och do steet: «Les frais mensuels à charge de l'État au titre des frais d'exploitation du réseau au cours de la période courant à partir de la mise en exploitation du réseau jusqu'au 30 juin 2013», an dat misst den 30. Juni 2030 sinn, menger Meinung no, «ne peuvent pas dépasser le montant de 390.000 euros.»

A sous réserve vun dëser Observatioun, wat den Text ubelaangt, wou et awer elo ubruecht wier, dass mer am Texte coordonné, deen d'Chamber zur Ofstëmmung huet, dat richteg aschreien, géif ech dann och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Mme le Président.**- Merci dem Här Roth fir seng konstruktiv Interventioun. Et ass elo ageschriwwen: den Här Deputéierten a President Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Merci, Madame Presidentin, fir deen Titel President, deen ech hei kritt hu bei dëser Geleeënheet. Eis Fraktioun wäert deen heite Projet de loi stëmmen, wat e Projet de loi ass, deen effektiv ënnert dëser Regierung vum aktuellen Statsminister deponéiert ginn ass, mä deen natierlech awer eng ganz Rëtsch vu Preparatiounen hat a mat deem och d'Chamber schonn, sief et an der zoustänneger Kommission, Finanzen, sief et awer och hei am Plenum, befaasst war.

Et ass effektiv eng Initiativ gewiescht, déi op d'Joer 2011 zrëckgeet, wou e Comité de pilotage agesat ginn ass, wou déi eenzel concernéiert Verwaltungen a Ministère sech getraff hunn, fir deen heite Projet opzebauen, fir eng



Lacune ze behiewen, déi eigentlech zënter enger Rëtsch vu Jore scho bekannt ass, an déi eben eng Schwächt festgestallt hunn, wat eisen aktuelle System vun der Radiokommunikatioun vun de Sécherheetsdëngschter hei zu Lëtzebuerg ugeet, de RIFO, deen eng leschte Kéier Enn der 90er Joren opgemotzt ginn ass, moderniséiert ginn ass.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech ka mech nach vaguement un d'Diskussionen erënneren, déi mer deemools am Regierungsrot haten, wou schonn deemools de Käschtepunkt dozou gefouert huet, dass deen Invest eigentlech an der Zäit ëmmer erëm no hanne verschubt ginn ass. A schlussendlech ass deemools d'Optioun geholl ginn, fir méi eng bëlleeg Léisung ze huelen, also den aktuelle System eigentlech ze moderniséieren an net schonn direkt op eng ganz nei Technologie ze goen, also aus der analoger Technik erauszegeen.

Dëse Schratt gëtt dann dës Kéier gemaach. En ass sécherlech iwwerfällig, well, mengen ech, e souveräne Stat sech et net ka leeschten, dass a sengem Radiokommunikationssystem, wat d'Sécherheet vum Land ugeet, Faillë sinn, dass deen net fiabel wär respektiv net komplett ofgeséichert ass. An dofir mengen ech, dass et normal ass, dass mer deen heite Schrëtt maachen. Ech géif wéi gesot soen, also, et kënnt sécherlech net ze fréi, mä éischter mat engem gewësse Retard par rapport zu deem, wat noutwendig ass. Als Zil gëtt hei geholl, mä et hätt een u sech awer dat Zil eigentlech net gebraucht, déi nächst Presidentschaft vu Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun am zweeten Hallefjoer 2015; also den 1. Juli am Joer 2015 soll deen neie System stoen.

Dat huet also mat sech bruecht, dass prozedural eigentlech onorthodox gefuer ginn ass. Dat war eng Initiativ vun der leschter Regierung nach, awer mat der Schützenhëllef hei vun der Chamber, fir eigentlech schonn e Marché public ze lancéieren, dach an engem Domän, dee ganz vill ëffentlech Gelder mat implizéiert, ouni eigentlech den direkten Accord vun der Chamber ze hunn. Mä et ass awer och kloergestallt gi bei deem Marché public an och bei deem Akt, iwwert deen d'Regierung den Zouschlag ginn huet bei deem Marché public, dass dat sous réserve natierlech ass, dass d'Chamber iwwer e Gesetz hiren Accord zu deem dote finanzielle Volet vum Projet gëtt. Dat soll also heimmadder geschéien.

Et ass scho gesot ginn: Eng 11.500 Benotzer soll deen heite System hunn. Eng ganz Rei vu staatleche Verwaltungen, an éischer Linn natierlech eis Police, mä och aner Organer si mat direkt hei concernéiert vun deem neie Radiosystem, op deen also muss elo eng relativ rapid Emstellung kommen, fir deen och schnell musse Formationen gemaach ginn, fir deen déi néideg Terminaux mussen installéiert ginn a Gefierer respektiv fix Terminaux installéiert ginn. Also, do ass e groussen Aarbechtsopwand, dee kënnt net nëmmen un déi direkt Responsabel, mä awer un all déi, déi herno wäerte mat deem heiten neie System ab Mëtt 2015 ze schaffe kréien.

Et ass scho gesot ginn, dass de gesamte Käschtepunkt héich ass vun deem heite System, well niewent deem éischten Invest, dee muss gemaach ginn - en Invest vu wäit iwwer 50 Milliounen -, kënnt awer praktesch pro Joer nach e fixe Käschtepunkt vu knapps fënnf Milliounen Euro d'Joer derbäi iwwer eng Lafzäit vu 15 Joer. Dat Ganzt ass also och finanziell e ganz staarkt Engagement, wat de Lëtzeburger Stat iwwert deen neie Projet RENITA hei hält.

Et ass schonn ugeschwat ginn: U sech profitéieren haaptsächlech staatlech Servicer vun deem heiten neie Kommunikationssystem. Et ass awer eng Verwaltung, eng Entitéit dobäi, déi ënnert déi direkt Responsabilitéit vun de Gemenge fält. Dat sinn d'Pompjeeën, déi drënnerfalen. An do ass virgesinn, dass u sech d'Gemengen, wéinst hirer direkter Responsabilitéit fir d'Pompjeeswiesen, sollen d'Fraisen, wat d'Terminaux ugeet, iwwerhuelen. Mä, wéi gesot, de Rescht, d'initial Formation vun de Leit, déi domadder schaffen, och vun de Pompjeeën, respektiv herno d'Fonctionnement vum ganze System, do gesäit d'Regierung keng Participatioun vun de Gemenge vir, déi also hir Part eigentlech wäerten ausschliisslech bei der Mise en place vun den Terminaux respektiv dem eventuellen Ersetze vun deenen doten Installatiounen ze droe kréien.

E wichteg Punkt, mengen ech, deen en direkten Afloss hat op déi definitiv Formulatioun vun deem heiten Text, wat dat Gerichtsverfahren, wat momentan unhängig ass beim Lëtzeburger Verwaltungsgericht, bei deem zweete Gruppement, dee matgemaach huet bei der ëffentlecher Ausschreiwung, déi d'Chamber - pardon -, déi d'Regierung eis lancéiert hat iwwer e Marché public. An eng Analys aller-

déngs, déi ee konnt maache vun deem Uerteel, schéngt drop hincweisen, dass den Dossier vun der Regierung relativ zolidd ass. Op jidde Fall ass de Référénsrichter relativ wäit gaangen, am Kader vun engem Référé, wat d'Analys an d'Ofweigung vun deenen eenzelne Moyenen ugeet, déi d'Contestatairen eigentlech virbruecht hunn an deem dote Prozess. E geet se der Rei no praktesch duerch, e léisst keen aus, an e kënnt eigentlech all Kéiers zum Schluss, dass an enger, noutwendegerweis, sommairer Präiwung vun der Stéchhaltegkeet vun den Argumenten d'Gericht zur Iwwerzeugung komm ass, dass dee Moyer net seriö wär. Op jidde Fall net seriö genuch wär, fir dass de Richter elo e Sursis à exécution géif prononcéieren op d'Demande vun de Reklamanten.

Ech mengen, dat kann ee berouegen, well hei, wéi gesot, net reng op d'Formaliteiten de Référénsrichter eng Décisioun geholl huet, fir eigentlech déi Prozeduren net ze ënnerbriechen, mä weider lafen ze loosse, mä en huet dat wierklech gemaach, andeem en awer scho relativ wäit op de Fong kucke gaangen ass.

De Risiko ass natierlech net null, dass, wann d'Gericht um Fong dat nach eng Kéier kuckt, dat ass jo en anert Geriicht, eng aner Zesummesetzung am Regelfall, déi dat nach eng Kéier kucken, déi kënnen natierlech zu enger anerer Appréciatioun vun den eenzelne Moyene kommen nach. Et kann een dovunner ausgoen, dass d'Chance op jidde Fall méi grouss ass, dass et zu enger Confirmatioun kënnt vun där éischer Analys vum Référénsrichter, wéi dass et zu enger contrairer Décisioun kënnt.

Et bleift awer an den Ae vun der sozialistescher Fraktioun, dass doduerjer, dass mer dat Gesetz hei stëmmen, wat e rengt Autorisationsgesetz ass fir d'Regierung, fir dee Marché ofzeschleisse respektiv fir déi finanziell Engagementen ze huelen, dass d'Endappréciatioun nach ëmmer bei der Exekutiv bleift, dass nach wie vor d'Zouschloe vun engem Marché net d'Chamber mécht. D'Zouschloe vun engem Marché mécht d'Exekutiv, mécht d'Regierung. Si huet méi en déiwen Abléck an den Dossier am Detail, wéi mir e kënnen als Deputéierten hunn. An, wéi gesot, wa mer déi Autorisioun hei ginn, dispenséiert déi eigentlech d'Regierung net, fir nach eng Kéier den Dossier am Detail ze kucken, ier se en definitiven Zouschlag hei mécht.

Wat ass de Risiko vun deem Ganzen? Ech gleewen net, dass, wéi gesot, déi Probabilitéit ass net déi héchst, déi ass awer net auszuschleissen, wann et sollt um Fong zu enger anerer Décisioun komme wéi där, déi eigentlech de Référénsrichter mat senger Décisioun ugedéit huet, dass dat jo net muer geschitt, mä dass dat natierlech beschtefalls an engem gudder Joer geschitt, wann een e bëssen d'Prozedur kuckt, dat riskéiert jo och dann an eng zweet Instanz eventuell ze goen, an dass da sécherlech awer dat net heescht, dass de Projet domadder gestoppt wier. Mä dass an esou engem Fall normalerweis déi dote Froe sech regelen am Kader vun engem Schuedensersatz, wou Manque à gagner da muss festgehalé gi vum Geriicht, soudass also, egal wéi et ausgeet, e Reschtrisiko besteet vun engem méigleche Schuedensersatz, wa sollt d'Gericht anescht décidéieren, wéi dat elo ausgesäit, mä doduerjer de Projet u sech awer kann normal weiderlafen, wann d'Regierung dann opgrond vun deem Autorisationsgesetz hei déi nächst Schrëtt mécht.

Voilà, dat waren déi Ausféierungen, déi ech nach eng Kéier zum Schluss wollt am Numm vun eiser Fraktioun maachen, déi deen heiten Text wäert stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bodry. Nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Här President, ech wollt der Rapportrice, der Madame Elvinger, Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport an am Numm vun der gréngrer Fraktioun och den Accord fir dësse Projet ginn.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Loschetter. An als nächsten ageschriwwene Riedner huet den Här Gast Gibéryen d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, dee Projet, dee mer haut hei stëmmen, dat ass e wichtige Projet, dee mer als moderne Stat brauchen. Am Verglach zu der internationaler Communautéit, mengen ech, leie mer als Lëtzebuerg hannen, wat dee Réseau, wat d'Sécherheet hei am Land ugeet, ubelaangt. Wa mer elo op deen neie System RENITA iwwerginn, deen de RIFO ersetzt, dann ass dat am Fong e System, dee schonn an eisen Nopeschlänner besteet an deen op europäeschen harmoniséierte Moossnamen oder Norme berout.

E gëtt vu ville Leit gebraucht, benotzt. Dat geet vun de Rettungsdëngschter, de Pompjeeën, der Protex iwwert d'Police bis hin zum SREL, gëtt am Fong jiddwereen, dee vun deem Réseau hei benotzt gëtt (veuillez lire: wou dee Réseau am Fong vu jiddwerengem hei benotzt gëtt), soudatt een also gesäit, wéi grouss d'Envergnung vun deem Ganzen ass. Et gi 75 Basissatiounen duerch d'Land gebraucht, fir datt de Réseau fonctionnéiert. Et ginn 33 Poste geschaffen, an de Käschtepunkt ass 36,6 Milliounen als Uschafungspräis a spéiderhin 390.000 Euro pro Joer Fonctionnementskäschten.

Dat Ganzt soll fäerdeg sinn am Prinzip fir d'Présidence déi zweet Halschent am Joer 2015. Mir hunn dat an der Kommissioun duerchdiskutiert, wou sécherlech och Zweifel opkomm sinn, ob et realistesch ass, fir ze mengen, bis d'zweet Halschent vun 2015 wier dat fäerdeg. Et ass och elo gesot ginn, datt zumindest deen Deel operationell wier, dee mer bräichte fir d'Présidence, och wann nach de ganze Réseau eventuell net operationell wier.

Mir wäerten dësse Projet selbstverständlech stëmmen. Mir hunn och deemools d'Motioun gestëmmt.

Mä et sinn awer zwou Froen, déi een, mengen ech, muss an deen Débat hei mat erabrénge. Déi eng Fro, dat ass déi vun deem Recours, deen unhängt. Mir wëssen alleguer, datt d'Regierung am éische Projet am Fong d'Post an d'Gesetz ageschriwwen huet, wougéint de Statsrot seng Opposition formelle gemaach huet; et ass erausgeholl.

Mir wëssen awer, datt d'Regierung wëllt mat der Post dee Marché maachen an datt mer do e Recours hunn, dee mer beim Référé elo un éischer Stell gewonnen hunn. Mä, ech mengen, eis Kolleeg Juriste Gilles Roth an Alex Bodry hunn déi Prozedur elo grad hei erkläert, wat alles do nach méiglech ass. A mir kënnen nëmmen hoffen, datt de Stat recht behält an datt et esou ausgeet, wéi de Référénsrichter dat an éischer Instanz décidéiert huet. Soss kéint eventuell Schuedensersatz op de Stat duerkommen.

De Projet selwer u sech, mengen ech, wann ech dat richteg verstane hunn, gëtt duerch déi Recoursen net no hanne gesat, mä de Projet kann esou zäitlech realiséiert ginn, wéi e geplangt ass. Et kann natierlech sinn, wa mer Pech hätten a mer kréichen herno op der Cour administrative onrecht, da kéint eng zivil Klo kommen un de Stat, fir Schuedensersatz ze kréien.

Ee Punkt awer, deen nach net ugeschwat ginn ass hei, dat ass d'Fro, wat d'Strahlen ubelaangt. Ech mengen, wann een e bësse méi an d'International Press, an d'Fachpress kucke geet, da gesäit een, datt dee System hei och am Ausland awer op vill Kritik gestouss ass an och Recourse mat sech bruecht huet, well ebe Leit bei sech, wat d'Bestrahlung ubelaangt, do ze vill héich Wäerter festgestallt hunn.

Wann ee weess, datt am Verglach zu deem ale System, zum Analogfunk, deen heite System permanent strahlt, par contre deen aneren, deen ale System, dee strahlt nëmmen deen Abléck, wou e benotzt gëtt, dann ass et also hei vun enger Dauerbestrahlung, datt mer schwätzen, an et ass dofir, datt am Ausland vill Recoursen dogéint gemaach gi sinn.

Ech hat am Fong geduecht, datt eis gréng Kolleegen, déi an der Vergaangenheet ëmmer ganz wachsam waren, wat déi Bestrahlung ubelaangt, datt déi géifen e Wuert dozou verléieren, mä dat schéngt der Vergaangenheet unzegehéieren.

Duerfir wollt ech dat awer hei elo mat erabrénge an un d'Regierung d'Fro stellen, well mer dat och net an der Kommissioun, muss ech fairerweis soen, behandelt haten, ob d'Regierung eis kann och matdeelen, wat fir Wäerter do vun der Bestrahlung ausginn an ob se eis kann d'Garantie ginn, datt d'Wäerter vun de Bestrahlungen, déi, wéi gesot, permanent hei sinn an déi a priori, wann een d'Fachpress liest, déi Leit betreffen, déi permanent domat ze dinn hunn, wéi wäit datt d'Garantien do kënnen gi sinn, datt déi Suergen, déi, wéi gesot, am Ausland dacks héich Welle geschloen hunn, onberechtegt sinn.

Ech mengen, dat ass ee Problem, dee e mer ganz dacks ugeschnidden hunn. Mir wëssen alleguer, wéi mer déi Antennen duerch d'Land opgeriicht hunn, fir eis normal Kommunikationsmëttel wéi Handyen an esou ze benotzen, wéi vill Diskussiounen a Kaméidi dat um Niveau vun dem Land op de Gemenge waren. Dat heiten ass laut der Fachpress méi eng staark Bestrahlung a se ass permanent, an duerfir wier et gutt, wann den Här Statsminister herno a senger Interventioun eis kéint do soen, wéi déi Wäerter wieren an ob esou Kritiken oder d'Besuergnisser vun de Leit berechtigt sinn.

An dann och wollt ech awer nach eng Fro stellen, ob mer hei mussen och eng Prozedur

lafe loosse. Kréien d'Bierger hei d'Méiglechkeet, eventuell géint esou e Réseau och individuell ze kloen?

Mir si mat enger Klo befaasst vun enger Entreprise, wéi gesot, déi am Kader vun der Soumissionsprozedur hire Recours gemaach huet, mä huet och deen eenzelne Bierger d'Méiglechkeet, zum Beispill wéinst de Strahlen, fir dogéint e Recours ze maachen?

Wéi gesot, dat si Froen, déi mer stellen, mä insgesamt, menge mer, ass et wichteg, datt mer als Land dësse Projet kréien, an duerfir wäerte mir dësse Projet och stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Gibéryen. An als leschten agedroene Riedner huet den Här Justin Turpel d'Wuert.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, mir sinn eis allegueren eens, datt et héich Zäit gëtt, fir en analoge Funksystem, wéi de RIFO e war, ze ersetzen duerch een digitale System, deen en plus nach ganz vill aner Virdeeler huet, wéi dee vun der Interoperabilitéit, dee vun der Vitesse,... Bon, déi och allegueren am Exposé des motifs opgezielt sinn.

Déi éischt Fro, déi ee sech muss stellen, ass, firwat datt dat net éischer geschitt ass. Mir sinn eent vun deene leschte Länner, déi vum analogen op en digitale Funksystem ëmschalten, an ech mengen, datt eis Sécherheetskäften, d'Police, d'Protection civile, d'Pompjeeën an esou weider - also de SREL interesséiert mech net an deem Zesammenhang, obschonn e jo och beträff ass -, datt déi scho laang verdéngt hätten, mat méi engem séchere System do ze schaffen.

An dat ass dat, wat een och erstaunt bei der Argumentatioun vun der Drénglechkeet. D'Drénglechkeet misst eigentlech déi sinn an hätt scho laang missen déi sinn, datt ass, datt d'Kommunikatioun vun eise Sécherheetsdëngschter am Interesséierten vun de Bierger an och am Interesséierten vun deene Leit, déi do an deene Sécherheetsdëngschter schaffen, scho laang hätt missen ersat ginn. Neen, d'Urgence gëtt motivéiert duerch d'Présidence an der zweeter Halschent 2015. An ech fannen dat awer e bëssen traureg, datt hei elo d'Présidence muss hierhalen, fir dréngend eppes ze maachen, wat eigentlech Dausende vu Leit, déi zu Lëtzebuerg am Sécherheetsberäich aktiv sinn, scho laang verdéngt hätten.

Déi zweet Saach, déi eis ze bedenke gëtt, an déi gëtt hei weider bis elo net diskutéiert, dat ass déi, datt et sech ëm e PPP handelt. Et ass deen zweete PPP nom Mierscher Lycée an et steet och esou am Exposé des motifs.

Ech ka mech erënneren, datt mer an der Commission du Développement durable mam Minister ofgemaach haten, mir krite emol e Bilan vun deem PPP vu Miersch, wat dat wierklech bruecht hätt Niveau Präis, Niveau Qualitéit. Dee Bilan krute mer versprach, mir hunn en awer nach net. Also ech hunn en op jidde Fall bis elo net kritt. An zwar e Bilan, deen op allegueren déi Aspekter do emol misst agoen. Well am Ausland festgestallt ginn ass, datt d'PPPe mehr Schein als Sein ass ganz dacks an am Fong geholl weder um Niveau vun Präis a scho guer net um Niveau vun der Qualitéit dee Plus erreicht gëtt, dee vill Leit sech erwaarden.

An et ass jo logesch, an engem PPP ass eng privat Gesellschaft, déi e Benefiss wëllt maachen. A wa se dee wëllt maachen, da mécht se en op d'Käschte vu wat? Majo entweder op d'Käschte vun de Paie vum Personal oder op d'Käschte vun der Qualitéit.

Eng Saach, déi zum Beispill ganz dacks an de PPPen - an dann halen ech op mat deem Punkt - festgestallt ginn ass, dat ass den Entretien vun esou Gebaier, déi a PPPE gebaut ginn. Dat misst een um Beispill vum Lycée Miersch kucken, ob ech en Entretien curatif maachen oder en Entretien préventif; préventif, wou d'Gebai iwwer 30 Joer eng ganz aner Substanz behält, wéi wann ech just en Entretien maachen, ass qualitativ e groussen Ennerscheid.

An ech géif wierklech emol gären de Bilan vun deem PPP zu Miersch gesinn. Ech wëll just drop hiweisen, datt de grénge Burgermeeschter vu Freiburg all seng PPPen an deem Sënn ofgeschaf huet, well e gesot huet, et gëtt schlussendlech méi deier, wéi wa mer et selwer maachen.

Elo gëtt erëm ee PPP hei gemaach, ee Public Private Partnership, ouni datt dee Bilan virläit. An zwar ass d'Ursach, an dat steet am Exposé des motifs jo ganz kloer dran, net de Präis. Et



gëtt net gesot, et gëtt méi bëlleg. Et pour cause, et gëtt och net méi bëlleg! D'Ursaach, déi genannt gëtt, dat ass déi vun der Astellung vum Personal, wat net bräicht gemaach ze ginn. An et gëtt gerechent, datt ee ronn 33 Leit misst astellen, fir dee System do ze betäugen. Ech ginn dovun aus, datt dat net lauter nei, zousätzlech Leit sinn, mä datt dat Leit sinn inklusiv déi, déi hierkommen aus dem RIFO-System, déi do ersat ginn. Mä datt een 33 Leit bräicht an een dat esou kuerzfristeg net kéint maachen.

Ech fäerten awer och, datt mer hei eng Budgetmakulatur maachen, déi net richtig ass, op déi ech higewisen hat, wéi mer d'Budgetdiskussionen haten, nämlech déi, datt mer soen, mer spueren um Personal, mä mer ginn awer op där anerer Säit Suen aus, fir iwwer Verträge Leit ze bezuelen, déi dann awer déi Aarbecht musse maachen, awer zu méi schlechte Konditionen.

Well wann een dat ausrechent, wat den Entretien all Joers kascht mat deem Personal, wat duerfir gebraucht gëtt, dann ass et evident - evident! -, datt mer hei ee Genre Sozialdumping maachen, well mer hei Leit beschäftegen, also ustellen, fir den Entretien vun deem Réseau ze maachen, d'Maintenance vun deem Réseau ze maachen zu méi schlechte Konditionen, wéi dat de Fall wier, wa se beim Stat géife schaffen.

Plus, datt mer den Know-how net intern hunn. Dat heescht, d'Konsequenz ass déi, datt eng vun deene wichtigste Sécherheedsstrukturen, déi de Stat huet, ausgelagert gëtt. Statt datt mer selwer d'Infrastruktur gëriere fir d'Sécherheet vum Land, vun de Leit a vum Personal vun de Sécherheedsdénigschter, ginn hei 120 Millionen investéiert, fir dat vun engem Privaten exploitéieren ze loosse.

Et steet zwar am Exposé des motifs dran, an ech muss éierlech soen, ech hunn et net verstanen, mä de Premier wäert eis et herno erklären, datt de Stat eng Optioun huet fir d'Propriétéit ze kréien. Ass dat eng Optioun telle quelle à frais nuls? Oder muss do dann erëm eng kéier bezuelt ginn? A wat misst dann do bezuelt ginn, fir datt de Stat bis spéitstens no 15 oder 17 Joer da Propriétaire gëtt vun eppes, wat dee Moment awer natierlech dann total vereelt ass?

Drëtte Punkt, deen ech wollt opwerfen, dat sinn eng Rei Froen a Bedenken zur Technik an zu der Gesondheet. Ech ginn elo net an op déi Rechtsonsécherheet, déi hei besteet an deem Ganzen, mä zur Technik selwer. Déi Technik do fonctionnéiert an enger Rei anere Länner schonn aacht bis zéng Joer an déi hat natierlech och Kannerkrankheeten an deenen anere Länner. D'Fro, déi sech awer stellt, ass, ob d'Technik, mindestens esou, wéi se elo op Lëtzebuerg iwwerdroe gëtt, net zum Deel vereelt ass. Ech erkläre mech.

Et steet am Exposé des motifs dran, de Paging, dat heescht d'Uupipe vu Leit, géif net iwwert de System lafen. Do behale mer dann nach ee parallele System, obschonn den TETRA oder den TETRAPOL an den TETRA 2000 dat absolut erlaben, esou wéi den TETRA als System et och erlaabt, fir Bild a Videoen ze iwwerdreen. Ass dat dann elo virgesinn? Oder ass dat net virgesinn? A firwat gëtt de Paging do net abezunn? Do muss ee sech eng Rei Froe stellen.

An d'Gesondheitsrisiken, op déi mäi Virriedner schonn agaangen ass, déi hunn näischt mat Kannerkrankheeten ze dinn, déi hunn eppes ze di mat där Technik. Déi hunn eppes domadder ze dinn, datt do Sender sinn, déi an engem Beräich wéi GSM permanent esou senden, wéi wann dee wierklech op Héchstleeschtung wier, an dat och am Passivmodus.

An dat féiert dozou, datt d'intern Recommandatiounen dorobber erauslafen, fir ze soen, et soll een en net am Auto gebrauchen, am Auto soll en aus sinn. Wat ee Problem ass. Haut ginn d'Autoen ëmgebaut an Däitschland, fir datt ee se am Auto ka gebrauchen, fir datt net ze vill Reflete si fir d'Gesondheet vun deene Leit, déi an deenen Autoe setzen, sief dat d'Pompjeeën, sief dat Polizisten. Datt Polizisten oder Pompjeeën mat Häerzschrittmacher se net solle gebrauchen an och net Leit mat engem Häerzschrittmacher ze vill no solle kommen an datt a Spideeler de System net dierft aktivéiert sinn.

Ech mengen, an Däitschland ass et esou wäit gaangen, datt d'Polizeigewerkschaften - ech weess net, ob ech elo de Schwéierpunkt op d'Polizei oder op d'Gewerkschaften soll leeën, et ass egal -, datt d'Polizeigewerkschaften gefrot hunn, fir de System erëm ofzeschaffen, wat natierlech net méiglech ass, wann een esou een Invest gemaach huet. An ech soe ganz kloer,

dat huet näischt mat Kannerkrankheeten ze dinn, dat huet eppes mat der Technologie ze dinn.

An aus all deenen Ursaachen do wäerte mir eis bei deem Projet hei enthalen. Mir wëssen och net, awéiwäit datt d'Alternative seriö gekuckt gi sinn.

Ech wëll op e leschte Punkt agoen, dat ass déi Saach vun deem Feeler am Document parlementaire. Ech war do extra nach eng kéier kucken, well d'Rapportrice gesot huet, am gedréckten Dokument war dat verbessert. Am Artikel 1 steet nach ëmmer dran, datt dat bis den 30. Juni 2013 ass amplaz '30, Juni 2030. An de Gilles Roth huet schonn drop higewisen, datt dat net nëmmen e Problem ass vum Artikel 1, mä och vum Artikel 3, wou erëm esou eng Échéance drasteet. Dat heescht, mir sollen awer elo hei kloer wëssen an och d'Dokumente virleien hunn, wou mer wëssen, iwwer wat datt mer stëmmen.

Als Konklusioun ass et kloer, hei geet et ëm eng vun deene wichtigsten Infrastrukturen, déi de Stat huet, fir d'Sécherheet vum Land, vun de Leit ze wahren. A fir esou eng wichteg Infrastruktur net selwer an eegener Hand ze gëriere, mä déi auszelagere un eng Privatfirma, ass fir eis eng onzouläseg Saach. Mir gesinn d'Drénglechkeet an, mä net op déi do Aart a Weis. Duerfir enthalte mer eis.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Turpel. D'Rapportrice, d'Madame Elvinger, huet nach eng kéier d'Wuert.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), rapportrice.- Här President, et ass effektiv wéi den Här Roth mat Recht gesot huet, et ass 2013 duerch 2030 ze ersetzen, souwuel am Artikel 1 wéi och am Artikel 3. Dat ass awer anscheinend an deenen zwee Artikelen esou schonn am gedréckten Rapport verbessert ginn, deen an d'Imprimerie gaangen ass.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Elvinger. An domat huet de Statsminister, den Här Xavier Bettel, d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Merci, Här President. Erlaabt mer fir d'Éischt, dass ech der Rapportrice an all de Riedner e grouse Merci soe fir déi konstruktiv, déi berechtegt Froen, déi hei gestallt gi sinn. Ech wëll net op den Historique agoen. Ech mengen, dass verschidde Leit et scho gemaach hunn.

Mir hunn net vill Choix. Et ass net, dass et de gaieté de cœur ass, dass d'Regierung seet, mir maachen elo dat dote, einfach, well et eis gefällt a well et och esou deier kascht. Neen, dat heiten ass eppes, wat mer brauchen. An ech soen et och nach eng kéier: Den Här Wolter hat deemools 2012 am Abrëll och eng Motion hee déposéiert, déi unanime ugeholl ginn ass, fir justement an déi Richtung och ze schaffen.

Jo, Här Bodry, jo, Här Roth, ech kann lech net soen, an Här Gibéryen, ech kann lech net soen, wat d'Riichter decidéieren. Dat wier éischstens contraire zur Séparatioun vun de Pouvoiren, wann ech lech hei géif soen, wat d'Gerichter ze soen hätten, an zweetens ass et un de Gerichter, dat ze decidéieren, an net un der Regierung, do en Avis juridique ofzeginn, wéi d'Urteil duerno aus sollt goen oder net.

Et muss ee wëssen, dass de Projet vun deem Zweeten, dee matgemaach huet, deen net zréckbehale ginn ass an eis ugesicht huet, bal dat Duebelt kascht huet - bal dat Duebelt kascht huet! - vun deem Projet, deen zréckbehale ginn ass. De Référé deit eng Richtung un, déi eis éischer Freed mécht. Mä, wéi gesot, ech kann lech elo net soen, wat duerno um Tribunal an duerno op der Cour erauskënnt. Mä ech hoffe selbstverständlech, dass et an déi Richtung geet, dass mer net e Schuedensatz mussen un déi aner Firma bezuelen.

De Projet ass méi wéi néideg, esou wéi scho gesot ginn ass. Et sinn 11.500 Utilisateuren, déi dovun Gebrauch wäerte maachen. D'Madame Elvinger huet et gesot, et si Stécker, déi emol net méi fonnt gi beim RIFO, dat heescht, déi emol net méi ersat kënnen ginn. Et geet ëm d'Sécherheet. Ech wëll net soen, Feind hört mit, mä ganz vill Leit wëssen, wéi een op de RIFO kënnt, wou een als Amateur vun doheem aus de RIFO kann nolauschten. Dat geet net! Dat geet net, wann do Recherché mussen organiséiert ginn, wann do d'Sécherheet vun engem Land soll garantéiert ginn, dass een do och vun doheem aus roueg kann nolauschten, wat beim RIFO geschitt.

Et sinn eng Rëtsch vu Froen gestallt ginn. Erlaabt mer, dass ech dann direkt op d'Froen aginn.

Et ass gefrot ginn, ob d'Leit e Recours kënnen maachen. Et gëtt e Kommodo gemaach, jo, Kommodo Klass 3 gëtt gemaach als Site, wou

dann och Recoursméiglechkeeten do sinn. An engem Rechtsstat ass dat och esou.

Et ass geschwat gi vu Privatwirtschaft, ob do e PPP déi richtig Form wier oder net, ob een net dat sollt als Stat maachen. Ech gehéieren zu deene Leit, Här President, deen och der Privatwirtschaft Vertraue schenkt an der Meinung ass, dass een net alles muss verstaatlechen an all Initiativ muss vum Stat organiséiert an dirigéiert ginn an dass een och an deem heite Fall zesummen an engem PPP e Partner fonnt huet, wou ee sech driwwer freet selbstverständlech, dass een och ee fonnt huet, op deen een ziele kann an deen e vertrauensvolle Partner ass, wou ech iwwerzeegt sinn, dass och dee Lien de confiance, deen néideg ass bei esou engem Projet, do ass.

An ech gehéieren zu deenen, Här President, deen net einfach ka soen, dass alles muss verëffentlecht sinn. Et muss och, wéi gesot, tëschent dem Stat an tëschent der Privatwirtschaft e Vertraue bestoen, an hei ass och Vertraue mat deem Betrib. Ech vertrauen der Post.

D'Piiperte bleiwen, mä et ass fir kleng Mesagen. Mir wëllen elo net all Piipert ëmstellen, dat ass elo net direkt an der éischer Phas virgesinn.

Dir hutt virun allem vu Gesondheetspunkten a vu Strahlebelaschtungen geschwat. Et muss ee wëssen, dass d'TETRA-Geräte mat wesentlech manner Leeschtung wéi Analoggeräte fonctionnéieren. Dat soen déi Etüden, an d'Regierung huet net gezéckt, och kucken ze goen, wat et léns a riets och nach gëtt.

Vu Kannerkrankheeten ass hei virdu geschwat ginn, vun Technologie ass geschwat ginn. Et si keng 100.000 Méiglechkeeten. Wann ee wëllt e Funksystem maachen, gëtt gefunkt. Et ass een net méi an der Zäit, wou ee mat Tamtam oder mat Pigeon-voyageure ka schaffen. Mir sinn an enger Zäit, wou Funken och an enger moderner Gesellschaft, wou ee rapid muss kënnen äntwerten, a wou dann och dat gebraucht gëtt. Et ass bal all europäescht Land, wat den TETRA-System och benotzt, an d'Handfunkgeräte kënnen och duerch Mikroer beim Senden um Rimm gedroe ginn, an net direkt beim Kapp.

Et sinn Etüde gekuckt ginn, all Studie si vun der International Commission on Non-Ionizing Radiation Protection gemaach ginn. Déi schafft zum Beispill och mat der WHO, der ILO an der International Radiation Protection Association (veuillez lire: International Radioprotection Association) zesummen. Keng vun den Etüden, och déi, déi de Bund für Strahlenschutz an Opdrag ginn huet, konnt en negativen Effekt och vun TETRA weisen. D'Charité vu Berlin kënnt och zur selwechter Konklusioun, an och eng Etüd an Eisträich.

Dann ass eng Tëleesreportage komm, déi gesot huet, dat wier net gutt, dat wier geféierlech. An am Fong ass festgehalen ginn, fir dass et wierklech nocif sollt sinn, muss een dann d'Gerät op Dauersend stellen, sech mam Kapp géint den Daach oder géint eng mobil grouss Metallfläch leeën, d'Antenn widdert dem Kapp hunn, iwwer 4,5 Minutte laang konstant Daten a Sprooch schécken. A mir gleewen, dass dat net de Fall wäert sinn. Ech gleewe kaum, dass d'Leit am Auto mam Kapp widdert dem Daach wëlle fueren.

Bon, wann Der mer elo sot, wann d'Leit ganz grouss sinn, ob se da widderkommen oder net...

(Interruption)

Ech kann lech just soen, Här President, dass déi Etüden och beweisen, dass dat net de Fall wäert sinn.

Ech soen op jidde Fall hei Merci fir déi grouss Zoustëmmung fir deen dote Projet. D'Leit, déi deen dote Réseau och brauchen, soen och Merci. Ech soen et nach eng kéier, an dat ass och vum Här Roth ganz kloer gesot ginn: Hei ass eng Urgence! Den Här Bodry huet och drop insistéiert, dass d'Urgence hei wierklech ass, fir dass mer sollen agéieren. Mir kéinte waarden, an ech war och ganz frou, Här President, dass ech an der Finanzkommissioun de Réck gestäipt kritt hunn. Well dat war meng Fro.

Ech hat an der Finanzkommissioun d'Fro gestallt, Här President, ech kann och waarden, bis d'Urteil do ass, mä dann hu mer keen TETRA fir déi nächst zwee oder dräi oder véier Joer lancéiert. An do hunn ech wierklech vun de Fraktiounen alleguete gesot kritt: Neen, maaht, fuert do weider! An duerfir sinn ech och frou, dass mer esou séier konnt deen heite Projet op den Ordre du jour bréngen a soen och Merci fir déi grouss Zoustëmmung.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Statsminister. Domat wäre mer um Enn vun eisen Diskussionen a mer kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6651.

Wéi d'Rapportrice schonns erkläert huet, sinn zwou Erreurs matérielles an der provisoirescher Versioun vum Rapport entstanen, déi awer an der leschter offiziell gedréckter Versioun redresséiert gi sinn. Et ass am leschte Saz vum Artikel 1 ze liesen: „jusqu'au 30 juin 2030“ an net 2013, an am Artikel 3 ass och ze liesen, „jusqu'au 30 juin 2030“ an net 2013. Mir stëmmen also elo iwwert déi lescht offiziell Versioun of, déi am gedréckten Document parlementaire 6651² wäert stoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6651 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. An d'Ofstëmmung, nodeem och d'Procuratiounen era sinn, ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6651 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthaltungen, déi scho motivéiert sinn, adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marcel Oberweis), Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou decidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet vun eiselem Ordre du jour iwwergoen, an zwar de Projet 6647 iwwert d'Professioun vum Affekot. Ageschriwwen sinn: d'Madame Octavie Modert, d'Madame Viviane Loschetter, den Här Serge Urbany an den Här Roy Reding. An de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Guy Arendt, huet direkt d'Wuert. Här Arendt, wann ech gelift.

14. 6647 - Projet de loi modifiant les articles 15 (2) et 16 (2) de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

Rapport de la Commission juridique

► **M. Guy Arendt** (DP), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolllegen, mir sinn hei mat engem relativ technischen Text befaasst, deen d'Ofännerunge vun den Article 15 (2) a 16 (2) aus dem Gesetz vum 10. August 1991 iwwert den Affekotebetrëff.

Dese Projet de loi ass de 17. Januar 2014 vum Justizminister bei der Chamber déposéiert ginn. Ech sinn an der Kommissiounssëtzung vum 19. März zum Rapporteur genannt ginn. De Conseil d'État huet säin Avis den 11. März ofginn, an déi respektiv Barreaue vun Dikrech a Lëtzebuerg hunn hiren Avis den 20. Januar respektiv den 11. Februar ofginn. D'Commission juridique huet hire Rapport den 2. Abrëll ugeholl.

An dësem Projet geet et drëm haaptsächlech, fir de Mandat vum Bâtonnier an de Mandat vun de Membere vum Conseil de l'Ordre vun engem Joer op zwee Joer eropzesetzen. De Moment ass d'Mandat vum Bâtonnier op engem Joer festgeluecht, grad wéi déi vun de Membere vum Conseil de l'Ordre. Si sinn alldéngs erëmwielbar.

Et muss ee wëssen, datt virun der Reform vun 1991 d'Bâtonnieren e Mandat vun zwee Joer gemaach hunn. Aus Grënn, déi zu där Zäit ugepasst waren - et sollte méi Affekoten zu der Eier vum Bâtonnat kommen -, ass nëmme méi ee Mandat vun engem Joer gemaach ginn. Déi Grënn bestinn haut net méi, soudatt et richtig ass, dee bestehenden Text ze änneren.